DÉI JONK
AN DER CSV

Positioune vun der CSJ zur Lëtzebuerger Sprooch

Déi nofolgend Iddie si Positiounen, déi d'CSJ schonn zënter puer Joer vertrëtt.

Schonn am Walprogramm fir d'Chamberwalen 2009 hu mir gefuerdert, dass d'Lëtzebuergescht als Integratiouns- a Kommunikatiounssprooch, als gemeinsamen Identitéitsfaktor gestäerkt muss ginn. An eng Aféierung vum "congé linguistique" ze begréisse wär. (Dofir wär et vu Virdeel, dass d'Lëtzebuerger mat hiren auslännesche Matbierger Lëtzebuergesch schwätze géifen.)
Och gouf gefuerdert, dass Lëtzebuergesch an de Schoulcourse geschwat an och verstäerkt enseignéiert sollt ginn, wat de Grondstee vun enger richteger Schreifweis an Aussprooch bedeit. An deem Kader missten och méi Lëtzebuergesch-Enseignanten ausgebilt ginn.
D'Gemenge sollen, eiser Meenung no, gratis Lëtzebuergesch-Course fir hir Awunner ubidden, fir dass och déi erwuesse Lëtzebuerger wéi Net-Lëtzebuerger der Sprooch mächteg kënne ginn.
D'CSJ hat och an hirem Pabeier vun 2009 drastoen, dass d'Lëtzebuergescht an der Verfaassung verankert sollt ginn an eis Sprooch de Statut vun enger offizieller Amtssprooch vun der Europäescher Unioun sollt kréien. Allerdéngs soll eist Land op eng Iwwersetzung vun allen offiziellen europäeschen Dokumenter an d'Lëtzebuergescht verzichten. Just déi relevantsten Texter, ewéi z.B. wichteg europäesch Traitéë sollen an Zukunft op Lëtzebuergesch iwwersat ginn.

2015 um Kongress zu Dikrech goufe Resolutiounen iwwer de Parrainage linguistique an d'Sprooch am Gesondheetswiesen ugeholl. Hei en Auszuch aus dëse Resolutiounen:

"L'idée est de favoriser la creation de "couples linguistiques", formés de 2 personnes: un "parrain" qui parle le luxembourgeois, et un "parrainé" qui desire apprendre la langue.

Le parrain va encadrer activement le parrainé dans l'apprentissage de la langue luxembourgeoise:

- *Il peut par exemple faire un suivi de la manière dont le parrainé suit les cours de langue luxembourgeoise.*
- *Il peut en outre activement lui parler le luxembourgeois, afin que le parrainé ait une personne (de confiance) avec laquelle il peut pratiquer.*
- *Il peut rentrer de l'insérer dans ses relations sociales, où il aura affaire à plus de luxembourgophones.*
- *Il peut tenter de l'insérer dans un club qui pourra faciliter son integration.*
- *Le parrainé aura une reference à laquelle il peut s'adresser en cas de questions ou de difficultés.*
- *La probabilité que le parrainé veuille poursuivre son intégration augmente une fois qu'il aura des fréquentations luxembourgeoises positives et valorisantes."*

Fir dass d'Leit sech och bei hirer Gesondheet kënne richteg ausdrécken, schloe mir vir, nom schwäizer Virbild, dass eng "cellule de traducteurs et d'interprètes" agesat gëtt. Dës Leit géife fir de Service médical schaffen a kéinten esou bannent kuerzer Zäit Iwwersetzer mobiliséieren.

An der Resolutioun zum Auslännerwalrecht hu mir och Positioun zu de Standarde vun de Sproochentester fir d'Erhale vun der lëtzebuergescher Nationalitéit Positioun bezunn.

"Objectivement parlant, l'intégration par la langue est le critère le plus approprié. Une connaissance approfondie de la langue luxembourgeoise est requise."